PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/12/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

De Mobilitéitsministère huet d'Campagne "Déi schéin Aktioun" lancéiert, déi 7 verschiddene Gesten présentéiert, déi mer all am Stroosseverkéier sollten uwennen. Dës Geste goufen a 7 kuerze Video presentéiert. Gëschter gouf den éischte Video op Twitter gepost. D'Reaktioune waren awer anescht wéi positiv, well de Video mam Text *"Quel arrêt magistraaaal. Un piéton traverse le passage piéton en fixant son smartphone sans vérifier la circulation avant de traverser"* e puer Stonnen no engem schwéieren Accident zu Gonnereng virum Lycée publizéiert gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Fënnt de Minister, dass dëse Video vun der Campagne de Foussgänger, deen iwwert een Zebrasträife gëtt, als Matschëllege bei engem Accident presentéiert?

2. Fënnt de Minister, dass den Ufank vun der Campagne hätt sollen no hannen verréckelt ginn, wann een am Nachinein weess, datt kuerz virdrun bei 2 Accidenter tëschent Autoen a Foussgänger 4 Kanner verwonnt goufen?

3. Wéi eng Organisatioun gouf mam Ausschaffe vun der Campagne "*Déi schéin Aktioun*" beoptraagt?

4. Wéi vill huet d'Ausschaffe vun dëser Kampagne kascht a wéi ee Montant ass fir d'Publicitéit vun dëser Campagne virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député